N°5529
Reçue le 20.01.2022
Déclarée recevable et urgence non reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.01.2022

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 81 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bieden, dës urgent parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An engem Communiqué vum 19. Januar 2022 kritiséieren den SNE an d'CGFP, dass d'Quarantänereegelen am Cycle 1 am Enseignement Fondamental un déi vun deenen aneren Cyclen ugepasst ginn, wat mat sech bréngt, dass eng Spillschoulsklass réischt ab 6 positive Fäll an Isolatioun muss goen. Dobäi kennt nach, dass d'Schnelltester am Cycle 1, net ewéi an den anere Cyclen, an der Klass gemaach ginn, mais Doheem an déi konform Duerchféierung vum Schnelltest duerch eng „Déclaration sur l'honneur" garantéiert gëtt, déi am Virfeld vun den Elteren ënnerschriwwe muss ginn.

Doriwwer eraus, ass eng vun den Haaptsuerge vum SNE an der CGFP, dass et wéinst deene méi laxe Quarantänereegelen zu enger Durcheuchung vun der Schoulpopulatioun am Cycle 1 kennt a mir dann och eventuell an Zukunft mat méi Long-Covid-Fäll béi klenge Kanner ze di kréien.

An dësem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

- Wat waren d'Beweeggrënn vum Här Minister fir d'Quarantänereegelen am Cycle 1 opzelackeren?
- Op wat fir enger eventueller wëssenschaftlecher Basis huet den Här Minister dës Decisioun geholl?
- Well am Cycle 1 keng Maskeflicht gëllt, wéi erklärt den Här Minister d'Koherenz vun dëser Mesure?
- Geet den Här Minister vun enger Hausse vun de Covid-Fäll am Cycle 1 aus nom Akraafttriede vun den néie Quarantänereegelen?
- Wéi reagéiert den Här Minister op d'Haaptsuerge vum SNE an der CGFP vun enger méiglecher Durchseuchung vun de Schüler am Cycle 1?
- Bezüglech der „Déclaration sur l'honneur", déi d'Elteren ënnerschreiwe mussen, wat geschitt wann d'Eltere refuséieren dës z'ënnerschreiwen?
- Wéi schätzt de Minister de Risque vu méiglechen Abusen vun der "Déclaration d'honneur" an ? Ginn et dozou schonn Erfahrungen aus der Vergangenheet?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5529 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

**Ad 1)**

Zanter dem Ufank vun der Pandemie stoungen d'Recht op Bildung an de Schutz vun der Schoulcommunitéit ëmmer am Mëttelpunkt. De Stufeplang ass ëmmer dann adaptéiert ginn, wann déi sanitär Situatioun en Upasse verlaangt oder erméiglecht huet. D'Upassung vum Stufeplang a vum Testdispositif am C1 erlaabt et de Schülerinnen a Schüler, déi um verstäerkten Testdispositif deelhuelen an an dësem Kontext moies doheem, deemno éier se an d'Schoul ginn, negativ getest goufen, ënnert den néidege Precautiounen och nach dann vun engem Presenzunterrecht ze profitéieren, wann am Klassegrupp méi wéi zwee Schüler positiv op COVID-19 getest gi sinn.

**Ad 2) an 3)**

Hei verweisen ech op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 5549 vum 24. Januar 2022.

**Ad 4) an 5)**

Wéi schonns am *Rapport d'analyse sur la situation de la COVID-19 dans les établissements scolaires* am Bezuch op dat lescht Schouljoer gewisen, ass de Virus an der Schoul ëmmer do present, wou en och an der Gesamtpopulatioun present ass: *« Les rapports précédents avaient constaté que l'évolution du nombre de cas positifs parmi la population des élèves et des enseignants était parallèle à l'évolution générale dans la société ; cette constatation reste vraie à la lumière des chiffres couvrant les mois d'avril à juillet de l'année 2021, avec toutefois des incidences plus élevées parmi les élèves que parmi la population générale. »*

D'Schoul ass allerdéngs dee Beräich, an deem d'Enseignanten an d'Kanner sech reegelméisseg testen an den Testing och nach renforcéiert gëtt, wa bis e positive Fall an enger Klass war. D'Adaptatioun vum Testdispositif am C1 erlaabt et, wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 5549 vum 24. Januar 2022 beschriwwen, dovun auszegoen, datt duerch den deeglechen Testing am Kader vun engem Kontakt mat engem positiv Getesten, just déi Kanner an d'Schoul kommen, deenen hiert Testresultat moies negativ ass. Nieft dem Schutz vun de Kanner erlaabt den Testdispositif e kontinuéierlecht Léieren an der Schoul fir déi Schüler, déi un dësem Testdispositif deelhuelen.

**Ad 6)**

Wann Eltere keng Déclaration sur l'honneur ënnerschreiwen an esou refuséieren um Testing deelzehuelen, kréien si keng Tester vun der Schoul ausgedeelt, an déi concernéiert Kanner maachen deemno weder beim normale Testing dräimol d'Woch doheem nach, am Fall vun engem positive Fall an der Klass, beim Testing renforcé mat.

**Ad 7)**

Och hei verweisen ech op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 5549 vum 24. Januar 2022.

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH